PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/01/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

D'*RTBF* huet an der Belsch doriwwer bericht, dass verschidde gréisser Airlines massiv eidel Fligere fléie loossen, just nëmme fir dierfen d'Slots op de Fluchhäfen ze behalen.

> "*Le groupe Lufthansa Groep, dont fait partie Brussels Airlines, va annuler d'ici fin mars 33.000 vols prévus, en raison d'une chute des réservations causée par le variant Omicron du Covid-19. Ces annulations auraient pu être plus conséquentes encore, mais pour conserver les droits de décollage et d'atterrissage, pas moins de 18.000 vols non nécessaires devront bien être assurés cet hiver, dont 3000 par Brussels Airlines. Avant la pandémie de coronavirus, la règle était que les compagnies aériennes assurent au moins 80% de leurs créneaux, sans quoi elles risquaient de perdre ces "slots". Désormais la proportion a déjà été revue à la baisse, à 50%, mais cela reste trop haut par rapport au volume de réservations."*

D'Mobilitéitsministesch vun der federaler Regierung an der Belsch huet doropshin ee Bréif un d'EU-Kommissioun geschriwwen, fir d'Problematik vun dëser Ressourceverschwendung ze thematiséieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wäert de Mobilitéitsminister de belsche Virstouss ënnerstëtzen?
2. Wéi vill Passagéierflich verkéieren all Joer (opgelëscht no Joer; zënter 2018) um Findel mat enger Auslaaschtung vu manner wéi 25% a wéi vill si ouni ganz Passagéier geflunn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député